Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

D'ofgeännert Gesetz vum 19te Juli 2004 iwwer d'Gemengebauten an d'urban Entwécklung gesäit am Artikel 37 vir, dass d'Buergermeeschteren d'Autorisatioune fir Baugeneemegungen an enger Gemeng erdeelen. Esou dréit d'Gesetz dozou bäi, dass d'Gemengepappen– a Mammen duerch hier Muechtpositioun ee gewëssent Insiderwësse kréien an dëst a perséinleche Kontakter mat Promoteuren oder Bauhären zu hirem Virdeel notze kéinten. Ugesiichts vun der Lukrativitéit vum Bausektor an der Schlësselpositioun vum Roll vum Buergermeeschter, kënnen Interessekonflikter net ausgeschloss ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gesäit déi aktuell Gesetzgebung Aschränkunge vir, dass Buergermeeschtere wärend hirem Mandat oder déi Joren dono selwer kënnen a Bauprojeten investéieren, fir déi si eng Geneemegung ginn? Falls nee, wéi kann een ausschléissen, dass Buergermeeschteren hier Schlësselpositioun vum Artikel 37 fir sech selwer mëssbrauchen?

2. Falls ee Buergermeeschter als Privatpersoun eng Immobilie keeft oder baue léisst, existéieren heizou iergendwellech gesetzlech Grondlaagen, déi de Präis vun esou enger Transaktioun berechnen? Falls nee, wéi ass auszeschléissen, dass Buergemeeschteren Bauten zu Sonderpräisser ugebuede kritt?

3. Wei gesäit d'Inneministesch d'Praxis, dass verschidde Gemengen Grondstécker opkafen, se duerno un ee Promoteur weiderverkaafen an de Buergermeeschter um finale Bauprojet selwer och Immobillien keeft?

4. Wei gesäit d'Inneministesch d'Praxis, wann ee Buergermeeschter Wunnengen, fir déi hien eng Baugenehmegung ausgestallt huet, keeft an dat mam Zweck dës ze verlounen?

5. Wéi eng Instrumenter stinn der Inneministesch zur Verfügung, fir méiglech Interessekonflikter um Gemengenniveau festzestellen? Existéiert zum Beispill ee Meldesystem, dee Buergermeeschteren oder aner Bierger benotze kënnen? Gesäit d'Ministesch et als sënnvoll un, dass Buergermeeschteren, déi wärend hirer Amtszäit oder kuerz dono Immobilie kafen, dëst dem Public deklaréiere sollten? Ass esou eng Mesure fir den neie Gemengen-Deontologieskodex geplangt?

6. Wou kënnen d'Bierger eng consolidéiert Versioun vum Gesetz vum 19te Juli 2004 iwwer d'Gemengebauten an d'urban Entwécklung fannen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange